

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Infrastruktur- an Transportminister weiderzeleeden.

Bei de schroen Héichwaasser vum 14.-16. Juli goufen hei am Land eng Rei Stroossen an öffentlech Infrastrukture schwéier beschiedegt, dorënner och d'Nationalstrooss 364 déi d'Uertschaft Bäerdref mam Grondhaff an domat och mat der Dikrecher Strooss Richtung Nordstad verbënnt. No mengen Informatiounen, gouf der Gemeng Bäerdref vun de Verantwortleche vu Ponts et Chaussées zougeséichert, datt d'Strooss bis zum Schoulufank, de 15. September nees soll opgoen. Wéi mëttlerweil gewosst ass, hunn d'Aarbechten opgrond vun interministeriellen Differenzen iwwer d'Finanzéierung awer nach guer net ugefaangen. D'Repercussione fir de Privat- a Schoultransport falen entsprechend aus.

Duerfir géif ech dem Här Infrastruktur- an Transportminister gär dës dréngend Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister dës Virgäng confirméieren? Wann net, wéi reagiert hien dorop?
- 2) Wéi ee Montant gouf fir de Reamenagement vun där uewe genannter Strooss envisagéiert? Énnert wéi engem Budgetartikel sollten dës Sue fléissen?
- 3) Fir wéini soll d'Strooss opgrond vun deene beschriwwenen Entwécklungen nees opgoen? Wéi vill sollen dës Aarbechte kaschten an énnert wéi engem Budgetartikel sollen d'Sue schlussendlech fléissen? Wéi ee Ministère trëtt als Bauhär op?
- 4) Kann den Här Minister eng generell Tabell presentéieren, déi regroupéiert wéi eng Stroosse vum Héichwaasser betraff waren, bis wéini se solle gefléckt ginn, ob den ursprénglechen Delai kann agehale ginn a wéi vill déi eenzel Reamenagementer kaschten? Kann den Här Minister fir déi Fäll, wou den ursprénglechen Zäitplang net kann agehale ginn, den neien Datum preziséieren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten